

# Ballad

Et war an engem vun deene räichen, also schéinen, wann och net méi grad fonkelneie Véirel vun der Stad. D'Haiser an der Päiperleksstrooss waren am jonken zwanzegste Joerhonnert am „Jugendstil“ gebaut ginn, an d'Gäert, déi meeschtens mat héijen Hecken ofgedeelt waren, sinn eericht op d'Wise gestouss, duerch déi e schéine Flouerwee an de Bësch gefouert huet.

D'Gaërt hannert den Haiser mat den Hausnummern 18 an 20 si virun engem gudde Joer verschwonnen. D'Famill Meyer vun Nr. 18 an d'Famill Miller vun Nr. 20 sinn nämlech zwou sportlech Familljen, an se hate virun zwee Joer d'Iddi, fir hir Gäert zesammenzeleeën an amplaz eng Tennisplaz ze bauen. Béid Familljen hunn och Kanner, an déi si grad sou sportlech wéi hir Pappen a Mammen: Meyesch hiert Antoinette an hire Boy, déi nach an d'Primärschoul ginn, a Millesch hiert Marry, dat lo am Hierscht op Sixième kouw. Och dat jonkt Vollek versteet sech prima ënnerteneen, an sou huet enger richteger Tennis-Clique an der Päiperleksgaass eigentlech näischt an de Féiss gestanen.

D'Tennisfeld huet ee butzege Feeler: Et ass an der Längt wuel an der Mooss, mä hannert de Grondlinnen e puer Meter ze kuerz, sou datt een net vill Auslaf huet. Dat wier allerdingen net de Fall, wann d'Madame Knapp vun Nr. 16 dermat averstane gewiescht wier, de Famillje Meyer a Miller hire Gaart ze verkafen. Si war dat awer net, ass mat hire 60 Joer och keng absënns sportlech an huet Meyesch a Millesch hir Suen iwwerhaapt net néideg. Si huet schonn derounst Krämpes, hir Conseillerde-gouvernement-premier-en-rangs-Wittfraepensioun klengzekeréien.

Lo kéint ee vläicht mengen, d'Madame Knapp hätt eng gréng Hand a Spaass mat hirem Geméisgaart, mä dat ass scho guer net de Fall. Si huet och kee klunge Park mat Sprangbierchen oder mat Fëschweier draus gemaach – neen, dat ganzt Stéck, dat Meyesch a Millesch sou gär bäikaaft hätten, ass e gréng-giele Wues, deen e granzege Gäertner fréijoers- a summeschiwwer e puermol méie kennt.

„Da's m e n g Propriétéit“, hat se virun zwee Joer dem Här Meyer op der viischter Dier gesot an hie mol net an d'Haus gelooss. „Et gëtt hei guer näischt verkaaft“, sot s'e puer Woche méi spéit zur Madame Miller an huet déi um Trëttoir virun den dräi Haiser stoe gelooss.

Nu gutt. Zjoert am Abrëll war d'Tennisplaz och ouni der Madame Knapp hir Propriétéit fäerdeg, a mat den éischte schéi-

nen Deeg am Mee kouw Liewen hannert d'Haiser. D'Pappen, d'Mammen an d'Kanner hunn hir Bäll gefacht, datt et eng Freed war, hunn dee schéine rouden Terre-battues-Buedem genat a gereecht an ofgezunn, a besonnesch op de schoulfräien Nomëtteger an un de Wochenenner hat d'Madame Knapp vun ënnendrun de Genoss vum stonnelaangen „Flopp-flopp“, wann d'Tennisbäll vun de Raquetten zréckgefiedert sinn.

Wéi deen alleréischte Ball wäit iwert deen héijen Drot geflunn ass, deen d'Tennisplazebauer virun der Madame Knapp hirer Gaardenheck opgeriicht haten, du huet de ganze Club nach gemengt, d'Madame Knapp géif hinnen de Ball jo awer iwwert d'Heck zréckgeheien. Quetschen och! An 't war och en Iertum ze mengen, d'Madame Knapp wier net doheem; si war doheem, well se koum just erëm vum Kommissariat, wou d'Polizisten hir gesot haten, si misst dat „Ballgeknupps“ wuel oder iwwel bis owes zéng Auer erdroen, well déi Tennisplaz jo vum Buergermeeschter autoriséiert gi wier.

Vun der Kichen aus gesouch se dee giele Ball am Pad laanscht hire Wues leien. Si huet och gesinn, datt den Här Meyer a Millesch hiert Marry hannert der Heck stoungen a wéi déi riwwer op hir Kichefenster gekuckt hunn. Si huet hir Jaquette net ausgedoen, dofir war lo keng Zäit. Si goung hannenaus an de Pad, huet de Ball opgeraf an e ganz einfach mat an d'Haus geholl. Wat se do dermat gemaach huet, konnten d'Famillje Meyer a Miller net rausfannen, an dat blouf de ganze Summer iwwer sou. Wéi et Oktober gouf, an et mam Tennisspille riwwer war, hat d'Nopesch vun Nr. 16 genee 21 Bäll opgeraf, ouni e Wuert driwwer ze verléieren, mä d'Madame Miller sot ganz richteg zum Rescht vum Tennisfamilljeväin: „Loosst se nëmmen, e puer Bäll sinn d'Welt net.“

Genee dat huet d'Madame Knapp awer vläicht gemengt. Wéi et nees Fréijoer gouf, stoung matzen an hirer klenger Wiss e groussen, terrakottas Blummeback. Dodran hunn awer keng Geranien, Begonien, Petunien oder Léiwmailercher gebléit, do war nëmme Krunnewaasser dran, an am Waasser sinn 21 Tennisbäll geschwommen. De Spatzen an de Märelen, déi drénke koumen, hunn déi giel Kugele keng Angscht gemaach, mä méi wéi eng Kéier stoungen hirer vun der Meyesch- oder vun der Milleschfamill oder vun en allebéiden hannert der Heck, hire Bäll vum leschte Joer nozeträueren, bei déi der lo well véier vun dësem Fréijoer derbäikomm waren. An eng Kéier, datt se nogekuckt hunn, wéi gläich zwéi fonkelneie Bäll bei déi aner an d'Waasser koumen, du konnt Millesch Marry sech net halen an huet „elle Kréischel“ iwwert d'Tujasheck geruff.

„Pack dech dach!“, huet de Pappa Miller gegrommelt, mä 't war souwéiss

egal: D'Madame Knapp ass ouni opzekucken iwwert d'Terrasse fort an hirer Kiche verschwonnen. Kuerz virun hat se fir eng Sekonn bal sou eppes wéi gelaacht. Déi vun der Tennisplaz konnten dat net gesinn, mä deen zweeteschten Ball war op de Plättercher am Pad gelant a vun do aus mat engem Saz flang bei déi aner an d'Waasser gesprongen.

„Mir loosse den Drot nach méi héich maachen“, sot den Här Meyer owes, mä den Här Miller huet gemengt, fir déi Onkäschte krit een immens vill Bäll ze kafen. Dat huet och den Här Meyer agesinn, a wéi et no enger laanger Tennis-Saison endlech Oktober gouf, du si ronn 40 Bäll an der Madame Knapp hirem terrakottas Blummeback geschwommen; d'Märelen an d'Spatzen haten hir boer Méi, fir nach mat de Schniewelen un d'Waasser ze kommen.

An du ass géint Mëtt Oktober eppes am Wues hannere Haus Nr. 16 an der Päiperleksstrooss geschitt. Nëmme schued, datt kee vu Meyesch oder vu Millesch gesinn huet, wat geschitt ass. Sou ass et och net weider verwonnerlech, datt déi Siwen sech gewonnert hunn, wéi enges Daags eng grouss Tut voller Tennisbäll bei Meyesch op der viischter Dier stoung. D'Bäll ware wuel net méi ze gebrauchen, mä eent war sécher, se koume vun der Madame Knapp, an also war eppes mat oder bei der Madame Knapp passéiert.

Wat dat war, sinn déi Siwen ni gewuer ginn, an souguer de Schreiwier vun dësen Zeile kéint lech net alles verroden. Hie weess nëmmen souvill: Op deem Dag géint Mëtt Oktober, d'Sonn ass just feierout iwwert der Stad ënnergaangen, du koum iwwert de Bësch an duerno iwwert d'Wisen e wonnerschéine feierblummsroude Loftballon geflunn. E koum ganz sécher vu ganz wäit hier, well en ass ëmmer méi déif getierkelt an huet seng Rees um Wues vun der Madame Knapp op en Enn bruecht. Nach e puermol wollt en sech mat engem klunge Wandstouss an d'Luucht hiewen, mä seng Schnouer, un där e klunge gëllene Kartong hangt, hat sech tèschent zwéin zackege Kräidsteng laanscht de Pad verfaangen.

Ech weess och net, wéi laang d'Madame Knapp de Ballon schonn erbléckst hat, mä op eemol koum s'iwwert d'Terrasse rof an duerch de Pad op de Ballon zou, deen hin an hier gewéitscht ass, as wéilt en sech virun där Fra do wieren.

Déi stoung lo do am Pad. Se stoung do mam roude Ballon an där lénker Hand, an se huet versicht z'entzifferen, wat um Kartong geschriwwen stéing. Em Enn ass se mam Ballon an d'Haus getrëppelt. Ganz lues ass se getrëppelt, wéi wann se hir Schrëck géif zielen oder wéi wann s'ëmmer nach géif liesen.